

wou trotz allem d'Regierung d'Décisioun geholl huet - an dat ass eng couragéiert Décisioun, vun där ech hoffen, datt d'Chamber se och mat-dréit bei de Budgetsdebatten elo -, fir d'Investissementer net ze kierz-

Allegueren déi, déi sech un déi Krisejore vun 1982 erënneren, wéi d'ARBED agebrach ass, déi wëssen, datt mir deemools all Investitiounen beim Stat gestoppt hunn. Datt mir doduerjer e Réckstand kritt hunn un Investitiounen am öffentleche Beräich, dat war evident. Datt mir versicht hunn an deene vergaangene Joren dee Réckstand bei de Schoulbauten, awer och beim Stroossebau, bei aneren Infrastrukture fir Alters- a Fleegeheimer a fir Klinicken nozehuelen, dat ass net esou evident gewiescht.

Dëse Projet reit sech also an an eng Aktioun, déi an engem gesamte Kader definéiert ginn ass, dee sech Plan sectoriel nennt. Dat ass eng Aarbecht, déi ënnert der viregter Regierung schonn ugaangen ass, déi op Grond vun der Dezentraliséierung a vun dem Prinzip vun där Décentralisation concentrée op de Wee bruecht ginn ass, fir e bëssen am Aménagement du territoire Uerdnung an déi verschidden Infrastrukturen ze kréien.

Déi Aarbecht ass fortgesat ginn duerch d'Erstellung vun engem standardiséierte Bauprogramm. Ech muss do ausdrécklech déi zwou Verwaltunge luewen, well ech mengen ouni den Asaz vun den zoustännge Leit am Baute ministère an och am Éducatiounsministère hätt déi Aarbecht net kënne gemaach ginn. Ech hoffen, datt déi Aarbecht dann och zur Zefriddestellung vun deene jeeweilege Clientë wäert féieren, net datt mir herno erëm eng Kéier mat deeneselwechten Diskussiounen kommen, datt awer dann d'Säll net de Gréissten, déi gewünscht ginn, entsprechen. Mir hunn eis elo d'un commun accord géeenegt op eng eenheetlech Ausrichtung vu gewësse Prinzipie bei der Ausrichtung vun de Säll.

Datselwecht gëllt fir den ekologesche Volet, well dëse Lycée ass op eng exemplaresch Manéier un de Prinzipie vun der Ekologie gebaut ginn a wäert richtungsweisend si fir all spéider Lycéeen.

Säi Käschtepunkt läit bei 89, bal 90 Milliounen. Ech well an engem Niewesaz hei soen, datt dat méi deier ass wéi dee berühmte Musée, deen heiandsdo de Stein des Anstoßes ass. Et soll also och mol an d'Welt gesat ginn, wéi d'Relatiounen sinn, an datt dës Regierung an d'Infrastrukture fir eis Kanner méi investéiert an datt et net esou ass wéi wann hei nëmme fir d'Kultur geschafft géif ginn.

Dat gesot, ass natierlech am Réckbléck ervirzehiewen, datt, wann den Emplacement vu Mamer kritiséiert gëtt, ech deemools als Éducatiounsminister wuel frou war, wéi konnt mat der Mamer Gemeng eng Eenegung fonnt ginn a wéi mir an dräi Joer en neie Lycée zu Mamer stoen haten, datt ech frou war, wéi mäi Virgänger dee grouse Campus Geesseknäppchen ugaangen ass, deen och an nëmmen dräi Joer Bauzäit fäerdeg ginn ass. Datt mir deemools keng Eenegung fonnt hu fir en Emplacement fir den neie Lycée zu Péiteng, datt mir bis haut nach keng Eenegung fonnt hu fir den neie Lycée zu Eitelbréck: Alles dat weist jo, datt et net um Wëlle feelt, mä datt et munchmol ganz konkret a pragmatesch Problemer sinn, un deenen ee sech stéisst. Am Fall vun Eitelbréck hänke mir bei den Terrainspräisser. Am Fall vu Jonglënster wäert et net anescht goen, well och do wäert nach de Fortgang net direkt elo virun der Dier stoen. Op jidde Fall, vum Baute ministère läit de standardiséierte Programm do, an et dierft dann a méi enger kuerzer Zäit méiglech sinn, fir och fir de Lycée vu Jonglënster nach kennen e Projet de loi virzeleeën.

Dat gesot, Här President, soen ech allen Deputéierte merci, déi sech hei positiv dozou ausgedréckt hunn. Ech sinn natierlech frou, dass ech dem Här Gira net op seng Fro vum Passé simple brauch ze äntwerten, mä par contre gräfen ech seng Bemierkung op, datt ee vläicht och dru soll denke fir déi Schoulgebaier, déi jo ee beträchlecht Investissement bedeiten, och esou wäit wéi dat nëmme méiglech ass, opzemaache fir datt se ronderëm d'Auer och kënne genotzt gi vun aneren Utilisateuren. Ech mengen, dat sinn organisatoresch Froen, wou ech ganz bestëmmt iwerzeegt sinn dovun, datt déi Leit, déi herno déi Schoul ze géréieren hunn, sech och där Zesummenaarbecht mat der Regioun net wäerte verschléissen.

Fir de Réidener Kanton ass et en Investissement, dat eng ganz grouss Bedeitung wäert hunn, well et si mol Leit, déi mir gesot hunn, wéi zu Wolz bis de Lycée gebaut gi war, dunn ass aus där ganzer Géigend eng aner Géigend ginn. Sou wäert dat och fir Réide sinn. Et ass also e Schrëtt op dem Wee vun der Dezentraliséierung a vun der Entwécklung vun anere Géigenden an och vum Norde vun eisem Land. Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5090 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Théo Stendebach), Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Laurent Mosar), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vun den Artikelen vum Projet de loi 5196.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann elo zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, keen Neen a keng Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz (par Mme Nelly Stein), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5120 „modifiant la loi modifiée du 18 juin 1969 sur l'enseignement supérieur et l'homologation des titres et grades d'enseignement supérieur“. Mir kommen zur Diskussioun vun dem Projet an d'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorebel Madame Nelly Stein. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

10. 5120 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 18 juin 1969 sur l'enseignement supérieur et l'homologation des titres et grades d'enseignement supérieur

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5120 ass den 23. Abrëll vun der Madame Erna Hennicot-Schoepges, Minister vum Enseignement supérieur, vun der Recherche an der Culture, an der Chamber deponéiert ginn. An der Kommissiounssëtzung vum 1. Oktober huet déi parlamentaresch Kommissioun fir Kultur, Héichschoulwiesen a Fuerschung de Rapporteur bestëmmt. Och ass an dëser Sëtzung de Projet eng éischte Kéier analyséiert ginn. Den Avis vum Statsrot hu mer den 21. Oktober kritt an an der Kommissioun de 5. November ënnert d'Lupp geholl. De schréffleche Rapport konnt an der Sëtzung vum 13. November ugeholl ginn.

Em wat geet et? Et geet em e konkreten, juristesche Problem, deen um Niveau vun eisen Homologatiounsbestëmmunge fir Héichschouldiplomer opgetaucht ass an dee mer duerch dëse Gesetzestext behiewen. Mam Gesetz vum 18. Juni 1969 ass den Exame fir d'Unerkennung vun Héichschoul- an Universitätsdiplomer ewechgefall. Duerfir huet d'Gesetz eng Unerkennung vun den Diplomer, déi een am Ausland kritt huet, ageschriwwen. D'Gesetz gesäit och eng Kontroll vun der Vereinbarkeet mat eiser Verfassung vir a setzt zu gläicher Zäit eng Kommissioun an, déi sech mat der Homologatioun vun Héichschouldiplomer befaasst. Schlussendlech gesäit d'Gesetz eng Rei méi spezifesch Bestëmmunge fir verschidde Branchë vun Diplomer vir. Aus dëse Bestëmmungen ergëtt sech eng relativ komplex Législatioun wat d'Unerkennung vun den Diplomer betrëfft.

Den Artikel 4 aus dësem Gesetz seet, datt eng Homologatioun nëmmen da méiglech ass, wann dem Kandidat seng Studien a seng Diplomer bestëmmte Kritären entsprechen, déi an engem Règlement grand-ducal mussen enthale sinn. Dat heescht ënner anerem, datt dës Kritären eng minimal Dauer vun de Studien, mä och d'Matière u sech mussen enthalen. Déi virgeluechten Diplomer mussen am Land vun der Universitéit anerkannt sinn a mussen doriwwer eraus den Zougang zu engem Beruff oder zu engem Stage fir e spéidere Beruff erlaben, ouni eng Diskriminatioun ze schafen tëschent gesetzlechen a wëssenschaftlechen Titelen an tëschent staatlechen an Universitätsitelen.

D'Verwaltungsgericht hat d'Cour constitutionnelle mat enger Question préjudicielle befaasst, well de Ministère vum Enseignement supérieur en Diplom als Dokter an der Stomatologie, deen an engem Drëttstat erlaangt gouf, net unerkannt huet. An hirem Uerteel vum 3. Januar vun dësem Joer ass d'Cour constitutionnelle zum Schluss komm, datt den Artikel 4 aus dësem Gesetz vum 18. Juni 1969 net conforme ass mat den Artikelen 11 an 23, Abschnitt 3 a 4 vun eiser Verfassung, well e virgesäit iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal nach aner Kritären ze fixéiere wéi déi, déi en u sech selwer fixéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Raisonement vun der Cour constitutionnelle geet dovunner aus, datt, wat d'Matière-réservee betrëfft, déi an der Verfassung enthale sinn, keen ausser de Pouvoir législatif léigféréiere kann. Der sou genannter Réserve constitutionnelle ass awer entsprach, wann d'Gesetz sech drop beschränkt déi grouss Linne virzegeinn an den Detail dem Pouvoir réglementaire iwwerléisst. Den Artikel 4 vum 1969er Gesetz awer iwwerléisst deelweis dem Pouvoir réglementaire d'Opstelle fir all eenzel Disziplin vu generelle Kritären, déi sech vun deenen, déi e selwer virgëtt, ënnerscheeden, wéi beispillsweis d'Minimaldauer vun den Héichschoulstudien oder d'Bandbreit vun der Matière, déi an en-

gem Studienzyklus enseignéiert gëtt. Deemno entsprécht den Artikel 4 de Virgaben aus der Verfassung net méi. An deemno dréit den Text, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, der Décisioun vun der Cour constitutionnelle Rechnung.

De Statsrot hat a sengem Avis keng gréisser Problemer a war och mat dësem Text averstanen. Den Artikel 1 integréiert och d'Humanwëssenschaften an den Text. De Statsrot huet sech grad doriwwer erfreet gewisen, well d'Humanwëssenschafte mat der Zäit évoluéiert hunn an haut Branchë wéi Geschicht, Geographie, Soziologie, Ethnographie an och d'Sprooch mat abegräifen. Dofir ass et och sénnvoll, déi verschidden Disziplinen an all eenzel Domän iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal ze bestëmmen, well sech an de leschte Joren eng ganz Partie vun neie Studierichtungen, Studienzyklen, Diplomer an Titelen entwéckelt huet. Dëse Phenomeen ass engersäits op déi wuessend finanziell a pedagogesch Autonomie vun den Unien an Héichschoulen zréckzuféieren, anersäits dréit de Prozess vu Bologna, dee jo eng Vereenheetlechung vun europäeschen Héichschoulraum ustrieft, säint dozou bäi, datt sech an enger éischter Phas déi nei Nomenclature vum Bachelor, Master an Dokter nieft den alen nationale Systemer vun den Diplomer an den eenzelnen europäesche State gesellt, wat als direkt Folleg eng Villzuel vu Studienzyklen, Diplomer an Title mat sech bréngt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Artikel 2 huet de Statsrot bemierkt, datt den zweeten Abschnitt déiselwecht Problemer opwerft, déi schonn am Uerteel vum 3. Januar 2003 vun der Cour constitutionnelle opgeworf gi sinn. Aus dësem Grond huet de Statsrot och gemengt, datt am Fall wou keng Konditiounen a keng Kritäre géifen opgezielt ginn, d'Dispositiounen am Artikel 4 Paragraph 1 zweeten Abschnitt, déi am Gesetz vun 1969 anzefüge sinn, risikéiere verfassungswidreg ze sinn, besonnesch zum Artikel 23.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

De Statsrot bemängelt doriwwer eraus, datt de Règlement grand-ducal, deen am Gesetz vun 1969 virgesinn ass, bis haut nach ëmmer net geholl ass. Déi international Konventiounen, déi dem Statsrot als Referenztexter gedéngt hunn, verweise just op Diplomer, Certificaten an Titelen, déi fir Universitëten an Héichschoulen noutwendeg sinn an deene Länner wou se ausgestallt ginn.

De Statsrot fënn och, datt Diplomer vun Universitëten a vun Héichschoulen iwwer Diplomer aus dem Secondaire, dat heescht de Premièresdiplom oder den Treizièmesdiplom, priméiere mussen. Fir d'Beruffer an d'Carrière beim Stat géifen et Texter ginn, déi an aller Klorheet déi noutwendeg Diplomer virgesinn. An de Refus fir eng Homologatioun auszustellen, well e Kandidat en Ofschlossdiplom aus dem Secondaire virweise kann, risikéiert doriwwer eraus contraire zum Gemeinschaftsrecht ze sinn. Deemno réit déi héich Kierperschaft vun esou Dispositiounen ofzegesinn.

Den Héichschoulministère huet sengersäits preziséiert, datt en den éischte Paragraph aus dem zweeten Artikel net einfach sträiche ka well d'Gefor besteet, e rechtsfräie Raum ze schafen dee seng Implikatiounen op d'Éducation nationale, op d'Fonction publique an op d'Justice huet. An der Kommissioun sinn d'Memberen och op d'Dispositioun aus dem zweeten Abschnitt aus dem zweete Paragraph agaangen, dee seet, datt d'Studien am engleschen, franséischen an däitsche mussen an engem engleschsproochegen, däitschsproochegen a franséischsproochegem Land op

d'mannst während zwee Joer ofgehale ginn. Dës Dispositioun ass aus engem Règlement grand-ducal vun 1976. D'Memberen aus der Kommissioun hunn ervirgestrach, datt haut och aner Sproochen, wéi zum Beispill italieenesch oder spuenesch an eise Lycéëën enseignéiert ginn. En plus géif dës Dispositioun riskéiere sech u verschiddenen europäeschen Direktiven ze stoussen a wär doriwwer eraus wuel kaum kompatibel mat dem oft beschwuerene Prozess vu Bologna.

Wat d'Droit-Studien ubelaangt, esou huet d'Kommissioun bemierkt, datt et am Moment keng Definitiou gëtt iwwer Länner, déi en ähnlechen Droit-System hunn. De Ministère huet an deemem Kontext preziséiert, datt déi Enseignanten, déi spuenesch oder italieenesch ginn, och nach aner Matièreën enseignéieren. De Studiëstanduert dofir anzeschränken, géif d'Organisatioun an de Lycéëën onnéideg komplizéiert maachen. Et misst een och en Ënnerscheed maachen tëschent der Homologatioun vun den Titelen an dem Zougank op eng reglementéiert Formatioun, wou verschidden europäesch Direktiven zum Droe kommen.

Zu gudder Lescht huet d'Kommissioun de Problem ervirgehewen a Bezuch op den drëtten Paragraph vum Artikel 2, dee seet, datt déi Diplomer an Titelen, déi net an den Arrêtée viséiert sinn, en Examen an en Avis vun der Kommissioun verlaangen. Verschidde Membere waren der Meinung, datt een entweder d'Homologatioun ausstellt oder refuséiert, mä datt et net ka sinn, datt weider Examen noutwendeg sinn. De Ministère huet an deemem Kontext erkläert, datt den Artikel 2 nëmme wëllt e puer Diplomer an Titelen opzielen, fir ze verhënnere, datt d'Kommissioun muss fir all Fall nei tranchéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, ech hätt elo all Detail aus deemem Projet ausreechend erkläert. Weider Explikatiounen fannt Der am schrëftleche Rapport vun der Kommissioun. Mat deem Gesetz schafe mer méi Klorheet an der entsprecherender Gesetzgebung iwwert d'Homologatioun vun den Unis- an Héichschouldiplomer.

Ofschlësse wëll ech mat engem Merci un d'Memberen aus der Kommissioun, esou wéi un d'Mat-arbechter aus dem Ministère vun der Madame Hennicot an u si selwer och, a gläichzäiteg wëll ech ofschlësse mam Accord vun der CSV-Fraktioun an ech géif lech bieden dëse Projet ze stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Rapporteur vum Projet de loi, der honorabler Madame Nelly Stein, merci. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Ben Fayot ageschriwwen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt der Madame Presidentin a „Rapporteure“ vun deemem Projet villmools merci soe fir déi akribesch prezis Manéier, wéi se éischtens d'Problematik duergeluecht huet an och selbstverständlech déi Debatten, déi mer an der Kommissioun haten. Deem ass u sech näischt derbäizefügen. Ech ka mech also dann a menger Interventioun domat begnügen e puer méi kritesch Remarken iwwert dat Gesetz insgesamt an iwwert dat wat mer hei maachen duerzebréngen.

Mir ännere mat deemem Projet e Gesetz vun 1969 iwwert d'Homologatioun vun Héichschouldiplomer an ech wëll drun erënneren, dass dëst Gesetz jo sengerzäit déi sou genannt Collation des grades ofgeschaaft huet, dat heescht, d'Verginn duerch de Lëtzebuurger Stat vun Héichschouldiplomer. Déi Collation des grades huet doranner

bestanen, dass Lëtzebuurger op auslänneschen Unien ageschriwwen waren, do nogelasscht hunn an dann hir Examen iwwer ganz aner Matièreën, vru ganz anere Professoren, an enger ganzer anerer Stad, nämlech zu Lëtzebuerg, gemaach hunn.

D'Absurditéit vun deem System war jo laang Jore vun de Studenten selwer dénoncéiert ginn, mä déi konservativ Lëtzebuurger Gesellschaft huet sech awer eréischt ënnert dem Androck vum Mee 1968 an deem Wand vun Erneuerung, Enn de 60er Joren, dozou entschloss, fir deen absurde System ofzschafen. De Lëtzebuurger Stat wollt awer d'Kontroll iwwert d'Studien net ganz opginn. An dat war natierlech an enger Zäit verständlech, wou och d'Unien nach ganz national oder esouguer nationalistesch ausgerichtet waren, an dofir gouf d'Collation des grades ersat duerch e System vun Homologatioun, also vu staatlecher Unerkennung vun auslänneschen Diplomer. D'Lëtzebuurger Studenten hu sech domat natierlech endlech kënnen op auslänneschen Unien integréieren, si konnten do hir Exame maachen an hunn domat eng richtig Unisbildung mat op Lëtzebuerg zréckbruecht.

D'Unerkennung vun der Ausbildung a vun den Diplomer war an ass verbonnen zu Lëtzebuerg mat inhaltleche Bedingungen, déi de Lëtzebuurger Stat fir verschidde reglementéiert Beruffer opgestallt huet, Bedingungen, déi duerch Kommissiounen kontrolléiert ginn. Dozou gehéieren zum Beispill besonnesch d'Sproocheprofessoren an d'Affekoten. D'Gesetz vun 1969, oder eenzel Dispositiounen vum Gesetz goufen am Januar 2003 duerch d'Cour constitutionnelle a Fro gestallt. Et ass hei duergeluecht ginn, an zwar a sengem Artikel 4, dee seet: De Règlement grand-ducal kënnt net aner Kritäre fir d'Homologatioun festleeën, wéi déi, déi am Gesetz stinn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech hunn och nach een aneren Arrêt vun der Cour administrative vum 17. Oktober 2003 fonnt an deem gesot gëtt: «Le législateur n'a pas entendu permettre au pouvoir réglementaire», fir zum Beispill ee vun deenen inhaltleche Kritären, «de déterminer obligatoirement les pays dans lesquels les études doivent être accomplies». A fir dat elo ze maachen, gëtt dann d'Gesetz ofgeännert.

Ech muss lech soen, Här President, ech fannen et eigentlech erstaunlech, dass dëst net d'Geeleehheet war fir dat Gesetz emol ganz ze iwwerdenken an déi Konditiounen un d'Héichschoulbildung vun haut unzepassen. An der Tëschenzäit zum Beispill schwätze mer vu „lifelong learning“, mir schwätze vun Enseignement à distance, vun Unisdiplomer, déi vu ville Leit zäitweeleg nogeholl ginn. Näischt dovunner fanne mer an deemem Gesetz erm. Et gëtt natierlech am Exposé des motifs gesot, deem kënnt ee jo dann an de Règlements d'exécution Rechnung droen, mä mir hunn déi Ausféierungsbestëmmungen net hei virleien an deem Abléck wou mir dat Gesetz zur Ofstëmmung hunn a mir kennen se net. Mir wëssen also net wat d'Regierung beabsichtigt.

Mech huet och gewonnen, dass de Conseil d'État dësen Text net méi grondsätzlech gepréift huet. En huet zwar en éischte Schrëtt gemaach. D'Madame Stein huet et relevéiert. En huet nämlech gemengt, dass et onnëtz wär bei der Homologatioun vun engem Unisdiplom och de Premièresexamen ze kontrolléieren, well, seet en: «Le diplôme d'études supérieures prime et devrait être suffisant», an e berëfft sech bei där Feststellung op den Droit communautaire. Dëst gouf vun der Majoritéit vun der Kommissioun an och vun der Regierung, refuséiert. Ech fannen dat schued, well et handelt sech hei of-

fensichtlech ëm eng éischter konservativ protektionistesche Mesure. Well et ka Leit ginn, déi hir Studien op europäeschen Unien, also op Uniën vun der Union européenne gemaach hunn, och hiren Ofschlossdiplom hunn, mä deen dann awer net zu Lëtzebuerg kann unerkannt ginn, well se keng Équivalence mat hirem Premièresexamen zu Lëtzebuerg kréien.

Wat d'Gemeinschaftsrecht op deem Gebitt ugeet, wësse mer jo, dass et sechs Direktiven aus de 70er, 80er an 90er Jore gëtt, déi en allgemenge System vun Unerkennung vun Unisdiplomatioun festgeluecht hunn. D'Fro stellt sech, ob een elo zu Lëtzebuerg zwee parallell Systemer fir d'Unerkennung vun Unisdiplomatioun fir reglementéiert Beruffer brauch. Onser Meinung no hu mer mat deenen Direktiven dat néidegt Regelwierk fir déi Diplomer unzuerkennen, déi mer fir déi reglementéiert Professionen zu Lëtzebuerg brauchen, wann et dann Diplomer vu Ressortissants communautaires sinn. Eng Homologatioun, wéi d'Gesetz se vun 1969 virgesäit, kann héchstens fir Leit aus Drëttstaaten a Fro kommen.

Ech gesinn net an, firwat dass mer eng zweespuereg Prozedur fir d'Unerkennung vun Unisdiplomatioun brauchen. Déi Prozedur riskéiert weider Absurditéiten ze schafen, an esou muss mer zum Beispill no der Direktiv e Sproochendiplom unerkennen, dee mer an der Homologatiounsprozedur net unerkennen. Et kënnt dobäi, dass de Ministère an der Vergaangenheet déi Direktiv eegemächtig interpretéiert huet. Menger Usicht no ass d'Reconnaissance no de verschiddenen Direktiven déi vum Unisdiplom an net déi vum Diplom vun der Berufsausbildung, wéi onse Ministère dat elo seit Jore praktizéiert. Mat anere Wieder: Onse Ministère muss menger Usicht no Unisdiplomatioun unerkennen, déi an de jeeweilege Länner zu engem Beruff Zoulass ginn. E kann net soen: Deen Unisdiplom erkenne mer net un, hie muss nach de Capes oder de Statsexamen bréngen.

En huet dann natierlech d'Recht hei zu Lëtzebuerg, fir jiddferengem eng praktesch Formatioun ze imposéieren, och e Concours ze maachen, all méiglech Protektiounen vu Qualitéit anzeféieren, mä um Plang vun der Reconnaissance vun den Diplomer klappt dat doten net. Dofir sinn ech och der Meinung, dass de Lëtzebuurger Stat net kann inhaltlech Konditiounen fir d'Unerkennung vun engem Unisdiplom festleeën wéi en dat bis elo gemaach huet a weider maache wëllt.

Ganz besonnesch fannen ech inakzeptabel den zweeten Alinea vum Artikel 2, deen nëmme déi Diplomer an de Sproochen unhuele wëllt, déi an engem Land oder enger Region vun där Sprooch vergi ginn. Ech muss lech soen, dëst kann ëmmer manner eescht geholl ginn. Vun 1970 bis 2002 huet ee misse säi Sproochestudium ganz an esou engem Land maachen, dat heescht dräi Joer, minus eent, well mer jo de Cours supérieur zu Lëtzebuerg haten. Vun 2002 u waren et nëmme zwee Joer, well mer jo d'Méiglechkeet zu Lëtzebuerg geschaf hunn, hei den éischten Zyklus mat zwee Joer ze maachen.

Déi Sproocheklausel entspréngt vläicht enger luewenswäerter Iwwerleeung, déi een och nach kann novollzéien. Et gëtt gemengt, wann een, deen zum Beispill franséisch enseignéiere wëllt, a Frankräich géif studéieren, da géif en duerch d'Immersion an d'franséisch Sproochkultur automatesch franséisch léieren. Dat maach zum Deel richtig sinn. Zu Paräis an och zu Metz kann een eng Baguette

oder e Kinosbilljee op franséisch froen, mä dat kann een anzwëschent och zu Lëtzebuerg. Et kann ee sech och zu Nanzeg an zu Lyon an d'franséisch Kultur knéien. Et kann ee sech awer och an engem Lëtzebuergeschen Isolat op enger friemer Uni erëmfannen a mat de Lëtzebuurger Kollege Béier drénken am Plaz mat franséischen.

Wat d'Affekoten ugeet, verlaange mer, dass si hiren Droit an engem Land musse studéieren deem säi Rechtssystem deem vu Lëtzebuerg entsprécht. Dëst ass sécher e klore Kritär wann ee mat engem Droitsdiplom vun der Universitéit vun Ulan-Bator aus der Mongolie extérieure kënnt. Mä dobäi hält d'Klorheet awer schonn op. Esou e Kritär schléisst zum Beispill Diplomer vun engleschen Unien aus, déi mer awer iwwert d'Direktiv vum „home title“ vun den Affekoten implizit herno unhuelen.

Et kënnt nach eppes aneschtlers derbäi an et ass och scho gesot ginn: Mir sinn an enger Zäit vum Embroch vun der Universitéitslandschaft. De Prozess vu Bologna gesäit Diplomer no dräi, fënnf a méi Jore vir. Hei hält de Stat sech dann d'Fräiheet, d'Minimaldauer vun de Studie festzeleeën ouni weider Prezisiounen. Et wär interessant ze héieren wéi dat an der Zukunft geet.

Ech sinn der Meinung, dass mer mat en etleche Virgaben esouwuel géint d'Direktiv vun der Unerkennung vun Unisdiplomatioun wéi och géint de Geescht vun enger fräier Unislandschaft an Europa verstoussen. Et ass net ze verstoen, dass mer dat zur selwechter Zäit maache wou mer zu Lëtzebuerg eng Uni wëllen opbauen. Mir brauchen dobäi fir déi Uni d'Entgéintkomme vun auslänneschen Länner. Mir brauchen d'Kooperatioun fir Fuerschung. Mir wëllen ons eege Mobilitéit an deenen auslänneschen Unien organiséieren. Mir wëllen och selwer, am Zesummenhang mat onsem Bilinguisme franco-allemand, dee mer jo zu Lëtzebuerg wëllen héichhalen, eng Faculté des lettres opbauen, déi sech mat Sproochen ofgëtt. Ech froe mech wat eng Uni a Frankräich seet, där hir Diplomer am Däitschen oder am Engleschen mer net unerkennen, wa mer zur selwechter Zäit, zum Beispill am Kader vun der Mobilitéit vun deene Froen, géifen ons eegen Diplomer, zum Beispill an der franséischer Literatur, an der däitscher Linguistik an an anere Sproochen unerkennen.

Méi absurd gëtt et nach wa mer op enger franséischer Uni hir italieenesch a spuenesch oder portugisesch Diplomer unerkennen, wat jo geschitt aus Ursachen, déi d'Madame Stein duergeluecht huet, an déi an deenen zwou anere Sproochen net. Nach méi gelunge gëtt et heimat: Unisstudie vu Lëtzebuergesch gi jo bekanntlech net zu Lëtzebuerg gemaach op der Héichschoul, mä op Héichschoulen zu Tréier an an England. Studenten vun do hätten also ni eng Chance, hiren Unisdiplom am Lëtzebuergeschen zu Lëtzebuerg homologéiert ze kréien, obsonn se op hirer Uni mat Lëtzebuurger Professoren a Chargé-de-cours Lëtzebuergesch léieren an och doranner fuerschen.

An da liesen ech och nach am „Lëtzebuurger Wort“ vum 13. November 2003 an der Warte - dat ass also déi Partie vum „Lëtzebuurger Wort“ wou wierklech héich stehend intellektuell Offhandlungen kommen - e langen Artikel vun den Enseignants chercheurs des sections des études allemandes et françaises de l'Université de Luxembourg. En somme soen déi Enseignanten: „L'Université du Luxembourg, pour ne pas rater une de ses premières vocations, est dans l'obligation de présenter un cursus complet Bachelor-Master-Doctorat d'études françaises et allemandes.“ D'Uni Lëtzebuerg, esou gëtt gesot, ech zitëiere weider: „est appelée à faire œuvre de pionnier en matière de diplômes d'études européennes et à procé-

der ainsi à un vrai brassage des nationalités.“ Och esou Diplomer kënnte mer jo dann no eise virleiende Gesetz net unerkennen, à moins dass mer Lëtzebuerg als franséischsproocheg Land deklaréieren.

Här President, dat sinn e puer Considératiounen iwwert dëst Gesetz, an ech muss éierlech soen, ech bedauern et, dass mer déi Considératiounen net e bësse weider zesumme pousséiert hunn an ech muss och leider soen, dass meng Fraktioun dëst Gesetz aus all deenen Ursachen, déi ech hei virbruecht hunn, och net ka stëmmen. Ech hoffen, dass mer an Zukunft, wa mer eben eis Uni ausbauen, och déi Froe vu Relatiounen mat auslänneschen Unien iwwerdenken an do méi en oppenen an tolerante Geescht vis-à-vis vun deenen aneren Unien hiren Diplomer entwéckelen. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Beissel. Madame Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, dat mir haut mat dem Projet 5120 verännere sollen, geet zréck bis an d'Joer 1969. Deemools war et déi éischte Kéier, dass mat deem Gesetz de System vun der Homologatioun vun auslänneschen Diplomer hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn ass. Dir kënnt lech erënneren, virdrun ass et d'Collation des grades ginn, d'Lëtzebuurger Doktorater, dat war eng ganz aner Approche, mä mir hunn déi Zäit innovéiert, mir sinn an d'Ausland gaange fir eis Héichstudien ze maachen, an do ass déi ganz Problematik vun der Homologatioun opkomm mat de relativ komplizéierte Problemer, déi sech déi Zäit scho gestallt hunn an déi haut och net onbedéngt méi einfach gi sinn.

En neie Moment koum - an dat ass elo vun alle Bänken hei ugeklongen - wéi dëst Joer den 3. Januar eist Verfassungsgericht an engem Arrêt N° 15 vun deemem Joer festgehalen huet, dass den Artikel 4 vum Gesetz vun 1969 iwwert den Enseignement supérieur an d'Homologatioun vun den auslänneschen Titelen a Gradé géint d'Artikelen 11.6 an 23 vun eiser Verfassung verstéisst. D'Cour huet ganz kloer gesot, ech zitëieren: „dans la mesure où“ - dat ass dann den Artikel 4 - „il prévoit l'établissement par voie de règlement grand-ducal d'autres critères que ceux qu'il fixe lui même“.

Här President, ech ginn net méi op all Detailer vun deemem Projet an, meng Virriedner hunn dat gemaach. Ech wollt nach e puer wichtig Momenter awer eraushiewen, déi bewiese wéi wichtig an och wéi dringend et ass, dass mer dat Gesetz haut stëmmen. Fir d'alleréischte wëll ech awer der Madame rapportrice Nelly Stein fir hiren detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport villmools merci soen.

Dëse Projet 5120 kënnt aus dem Domän vun dem Enseignement supérieur, mä et kann een awer net ofstreiden, dass hei ganz wichtig Auswirkungen huet, wat d'Homologatioun vun den Héichschouldiplomer en vue vun engem Recrutement beim Stat, a méi prezis, wat de Recrutement vun néidegen Enseignanté fir den Enseignement postprimaire ugeet. An anere Wieder, dee Projet, dee mir haut debatéieren, huet och Répercussiounen op d'Éducation nationale.

D'Ministesch vun der Éducation nationale huet ganz vill Efforté gemaach. D'Madame Brasseur huet sech d'Méi gi fir de Recrutement vun Enseignanté fir de Postprimaire ze verbesseren an nach méi Leit fir eng Carrière am Enseignement ze interesséieren. E Beispill an deem Kontext ass d'Reform vum Examen-concours fir zum

Stage pédagogique zougelooss ze ginn, en anert Beispill ass awer och d'Aféierung vun enger zweeter Sessioun am Fréijoer fir méi schnell op d'Demande vun Enseignantë reagéieren ze kënnen. Dat alles si Moosssname fir dem Enseignementsmangel, virun allem am Franséischen, mä och an anere Fächer éischters entgéintzewierken an dann duerno hoffentlech Här a Meeschter ze ginn.

Här President, dat Gesetz wat haut zur Debatt steet, ass e weidere Schrëtt an dës Richtung. Et feelt elo an dem neien Artikel 4 vum Text, datt, ech zitieren: „les diplômes finals“ - ech kréien zwar ëmmer den Hick an d'Ouer mat dem Terme final, mä et ass eng vun de groussen Exceptiounen vun der franséischer Sprooch, wou ee ka finals oder finaux soen, dofir hu mir dann dat Wuert hei finals stoen - „sanctionnant des études portant respectivement sur les langues ou les lettres.“ Wichteg ass an deemem Saz dat klenkt Wiertchen „ou“, well mat deem kleng Wiertchen „ou“ gëtt d'Feld vun deenen Héichschoulabsolventen, déi eng Carrière am Enseignement ustriewe kënnen, erweidert.

Sou gëtt per Gesetz festgeschriwwen, dass och Leit, déi eng Sprooch op enger Plaz am Ausland studéiert hunn, wou d'Etüden net esou vill op d'Literatur gericht waren, eng Méiglechkeet kréie fir zu Lëtzebuerg eng Homologatioun vun hirem Diplom ze kréien. Domat kënnen si eng Carrière beim Stat a méi spezifesch och am Enseignement postprimaire envisagéieren.

Här President, e weidere Punkt, dee bis elo an engem Règlement grand-ducal geregelt war, gëtt an d'Gesetz iwwerholl. Et sinn dat d'Diplomer an de Sproochen. Deeselwechten Artikel 4, deen ech schonn zitéiert hunn, seet : „les diplômes finals sanctionnant les études portant respectivement sur les langues ou lettres“ - an da geet et virun – „anglaise, allemande et française doivent être obtenus dans un pays ou une région d'un pays de langue respectivement anglaise, allemande, française après des études accomplies dans un tel pays pendant au moins deux années.“

Den Här Fayot mécht sech Sueren, wat dat soll bréngen am Aklang mat den europäeschen Tendenzen. Här Fayot, ech mengen, dat hei ass eng Diskussioun, déi kann ee féieren. Et kann een natierlech och d'Attitude hunn, wéi d'Regierung se hat, fir ze soen, deesen Zousaz ass wichteg, well e wierklech an zousätzleche Beitrag zu der Qualitéit vun dem Enseignement an de Sprooch leeschte soll. Doduerch datt déi zukünfteg Enseignanten déi Sprooch, déi se herno am Postprimaire enseignéiere sollen, an engem Land oder enger Region, wéi och ëmmer een dat kann definéieren, mussen léieren, wou déijéineg Sprooch geschwat gëtt, ass e Plus. Esou soll verhénnert ginn, dass zum Beispill een, deen an Däitschland Franséisch studéiert huet, bei eis am Secondaire oder Secondaire technique franséisch Coursen hale kann.

Dës Bedéngung ass also eng Moosssnam fir e bestëmmten Niveau an enger Sprooch vun eiselem Enseignement ze verlaangen. Dës Moosssnam soll manifestement eng Plus-value zu deem bréngen, wéi et säit enger Zäit, säit Joren, gehandhaabt ginn ass a wat och keng schlecht Resultater bruecht huet, mä ech géif mengen, mir maachen hei nach e Schrëtt no vir. Mir wëssen alleguerten, dass de Räichtum vun eiselem Land scho ganz, ganz laang ass, dass eis jonk Leit eng excellent Bildung an de Sproochen hunn, well mir ginn ëmmer dobause beneit, well mir esou gutt an de Sprooch sinn. Den Know-how, d'Matière grise ass d'Force, fir dass Lëtzebuerg iwwerhaupt eng Chance huet am internationale Concours ze iwwerliewen.

Et ass eis Aufgab dofir ze suergen, dass eis Kanner, eis jonk Leit, de méigleche Kader dofir gebuede kréien, fir dass se och déi beschtméigleche Sproochebildung kënnen kréien. Wann den Enseignement, deen eng Sprooch gëtt, e bestëmmten Niveau a senger Sprooch muss hunn, géif ech soen, dass da schonn e ganz considérable Schrëtt an dës Richtung gemaach wier.

Am Gesetz gëtt an deem Kontext awer haaptsächlech nëmme vun dräi Sprooch geschwat: Franséisch, Däitsch an Englesch. D'Italienesch an d'Spuenesch, wat jo och wichteg Sprooch sinn, a schéi Sproochen, sinn awer bewosst net an d'Gesetz geschriwwen ginn, well se an eiselem Schoulsystem, mä och an eiselem alldeegleche Liewen, an och op eiselem Aarbechtsmaart, trotzdem jo awer net déiselwecht Roll spille wéi déi dräi aner.

Ausserdeem ginn d'Enseignanten, déi Spuenesch oder Italienesch an eiser Schoul enseignéieren, ëmmer doniewent nach en anert Fach. Wa si also an engem Land, wou Spuenesch oder Italienesch geschwat gëtt, misste studéieren, kënten si keng aner Sprooch méi léieren, déi si hei am Grand-Duché enseignéieren dierften, well se jo net an engem Land oder enger Region, wou déi Sprooch geschwat gëtt, geléiert hunn. Wa mir eis dann dat virum Hannergrond ukucken, dass mir nach ëmmer a bestëmmte Fächer ënner Enseignementsmangel leiden, géif dat d'Situatioun bestëmmt net verbessern. Guer net dovun ze schwätzen, dass esou eng Regelung déi intern Organisatioun vun de Lycées riskéiere géif onnéideg ze komplizéieren, well déi betreffen Enseignantë gegebenefalls duerch dee System da guer net méi esou vill Coursé kënnen halen.

Ech wëll dem Här Fayot nach ee Wuert äntwerten zu der Geschicht vun de juristesche Formatiounen. Den Här Fayot freet, firwat mir net aner Länner mat abezéie, wéi déi, déi mir gewinnt sinn. Dir wësst, dass mir traditionell zu Lëtzebuerg an engem System sinn, wou mir am Prinzip nëmme kënnen a Frankräich an an d'Belsch goe fir e Cycle complet vun Droit ze maachen. Mir kënnen net an Däitschland goen, net an Eisträich. Mir kënnen net an d'Schwaiz goen, net an Italien an haaptsächlech net an England. Firwat? Eise ganze Grondsystem ass anescht opgebaut. Dir wësst, et gëtt zwou Disciplines reine a Matière juridique. Dat ass éischters d'Zivilrecht. Dat datéiert vun 1804, Code Napoléon, dee mir textuell iwwerholl hunn, dee mir a senger groussen Zich vun dem réimesche Räich iwwerholl hunn, dee mir haut nach applizéieren, deen zwar verännert ginn ass a bestëmmte Sparten, mä d'Grondphilosophie ass déiselwecht. 1810, de Code de Commerce ass du Droit civil alléig an och op de Code civil opgebaut. Dat ass d'Traditioun vun eiser ganzer juristescher Formatioun.

Här Fayot, wa mir missten an aner Länner Droit léiere goen, déi net déiselwecht Tradition juridique hunn, an Däitschland hu se aner Originé vu Recht, an England hu se d'Common law, wat en Droit procédurier an oral ass. Déi hunn eng total aner Approche zu der ganzer Juristerei. Wann dann déi jonk Leit op Lëtzebuerg kommen a mat där Formatioun si se zu Lëtzebuerg rettungslos verluer. Och wann dat europäesch dee Moment géif eng Ouverture ginn, dat géif éischters dem System näischt bréngen, et géif de jonke Leit näischt bréngen. Ech mengen, Är Iwwerleeunge passe schonn an den europäesche Kontext. Ech weess, Dir kennt déi Matière gutt, mä dat bréngt an eiselem System a mat der heiteger Gesetzgebung, déi mir eis wëlle ginn, bréngt et näischt an duerfir muss ech dat wierklech réfutéieren, wat Dir gesot hutt, well dat ass am Intérêt vu kengem Mënsch.

Den Arrêt vun der Cour constitutionnelle huet, wéi heiansdo dat jo de Fall war a leschter Zäit, e Vide juridique kréiert, an dofir ass et wichteg, dass mir esou schnell wéi méiglech erëm eng Kéier eng Sécurité juridique hierstellen. Wat wëllt dat heeschen? Et ass ganz wichteg fir déi jonk Leit, dass se genau wëssen ier se op d'Schoul ginn, wat genau op se zoukënn, wat se solle léieren a wat se net solle léieren. Wat gëtt et méi Penibele, wéi wann een e ganze Cycle d'études universitaires mécht an da kënn een heem an da gëtt een, entschëllegt den Ausdrock, awer trotzdem schikanéiert, well da gesot gëtt, dat klappt net an dat klappt net a mir kënnen dain Diplom net homologéieren. Dat gëtt Frust a Roserei vun Ufank un.

Dir wësst, wéi schwiereng et ass souguer mat engem normalen Diplom haut Aarbechtsplazen ze kréien. Wann nach zousätzlech Schwierigkeete komme fir déi Diplomer ze homologéieren, dann hu mir wierklech näischt geschafft. Et ass also extrem wichteg, dass mir en Text maachen, dee ganz kloer seet wo es lang geht.

D'Premiërsdiplomer mussen an der Rei sinn. Dat behale mir bai an ech hale ganz grouss Stécker drop, well et ass leider esou, egal wéi et ass mat der Homologatioun an der Equivalence vun den Diplomer: D'Diplomer an den europäesche Länner sinn net equivalent. Mir krute säit Jorzéngten ëmmer en Zeugnis ausgestallt, iwwerall, wou eis jonk Leit am Ausland waren, well hir Formatioun vum Secondaire an de Bac, deen dat sanctionnéiert, en excellenten internationalen Niveau hätten. Mir sollen a mir müssen dat halen.

Déi Diskussiounen - ech war net ëmmer bei all de Sitzungen derbai, well de Xavier Bettel mech deelweis ersetzt - hunn ech awer ganz genau verfolgegt an de Pour an de Contre fir ze soen, et geet duer, dass d'Héichschouldiplome kontrolléiert ginn: Neen! Ech ginn der Madame Ministesch Recht an ech ginn och der Kommissioun Recht ernert der Leedung vun der Madame Stein an och der Regierung, dass se insistéieren, dass de System soll bäibehale ginn. Mat allem Respekt vum Conseil d'Etat, deen huet hei wäit geduecht, mä d'Regierung huet hei e Recht an ech ënnerstëtzen dat voll.

Mir maachen also eng Sécurité juridique fir jonk Leit, dass se wësse wouhinner geet et, ech hunn dat scho gesot, dass jiddferree weess wat e soll léieren a wat net. Keng Schikanen, keng Roserei, wann ee vun der Schoul heem kënnt. Eng kloer Législatioun wou dran ass, dass eng Homologatioun u sech an zousätzleche Qualitéitslabel duerstellt, woumat ee verhénnert, dass ee mat enger Welt vu Pseudodiplomen hei zu Lëtzebuerg konfrontéiert gëtt.

Gleeft mer et, meng Mamm war jorelaang an där berühmter Commission d'homologation. Et ass mat Momenter guer net evident fir genau ze kontrolléieren ob en Diplom elo wierklech an de Carton passt: souguer wann d'Gesetz relativ prezis ass, sinn et ëmmer Interpretatiounsschwierigkeete ginn. Keng Pseudodiplomen, mä e Qualitéitslabel fir eise System: Dat géif sécherlech dem Image vun deem engen oder dem anere Beruff ëmmer nach zoudroen. Duerch d'Homologatioun kréien d'Employeuren och eng zousätzlech Garantie iwwert de reelle Wäert vun den eenzelnen Diplome vun de jonke Leit, déi sech bei hinne virstelle kommen.

Genee Kritäre mussen opgestallt gi wat d'Évaluatioun vun engem Diplom soll duerstellen. Déi Kritäre sollen esou objektiv wéi méiglech sinn, fir dass déi Évaluatioun och wierklech reell ass. Hei gëtt jo

d'Konventioun vu Lissabon kloer Richtlinnen. Wichteg schéngt mer awer och fir déi jonk Leit, déi sech an e Studium wëlle lancéieren, ob hiren Diplom net nëmme de Kritären entsprécht, mä ob en iwwerhaupt kann zu Lëtzebuerg unerkannt ginn. Well wéi gesot, béis Iwwerraschungen, wann ee just vun der Schoul kënnt, si jo näischt fir eng Moral.

Duerch de Prozess vum Bologna, mat deem bis 2010 en Espace européen de l'enseignement supérieur soll geschafe ginn, gëtt an Europa en transparenten an homogene System geschafen, deen déi géigesäiteg Unerkennung erméiglecht, mä och d'Reconnaissance vun deene verschiddenen Diplomer aus Europa an deenen eenzelne Länner sécher vereinfacht. Dat ass en ustriewenswäert Zil, mä et soll awer keen Nivellement vers le bas ginn, well dann hu mer näischt geschafft.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, well dëst Gesetz engersäits esou wichteg fir de Fonctionnement vun eiselem Recrutement vun Enseignanten an anerersäits fir d'Planungssécherheet vun eisen zukünftigen Diploméierten ass, bréngen ech hei den Accord vun der Demokratescher Fraktioun zu deemem Projet an ech soen lech alleguerte merci.

M. le Président. - Merci, Madame Beissel. Den nächste Riedner ass den Här Greisen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, fir d'éischt eise Merci och un all déi Leit, déi un deemem Text matgeschafft hunn. D'Héichschoulausbildung, d'Unerkennung vun den Titelen a Graden an d'Zouloossung vun auslännesche Studien um ieweschten Niveau si bis elo duerch d'Gesetz vun 1969 an 1977 geregelt ginn. Dëst Gesetz muss erneiert ginn op Grund vun engem Gerichtsuerdeel, wat eist ieweschst Gericht, d'Cour constitutionnelle, ufanks dës Joers geholl huet. D'Uerteel stellt fest, dass dat bestehend Gesetz eiser Constitution widderstreecht. Vun der Regierung hu mer matgedeelt kritt, dass dës Annerungen elo dréngend wären, well den zoustännege Ministère drop an drun ass déi nächst Unerkennungsprozedure virzehuelen.

Meng Virriedner hunn de Projet vun alle Säite belicht. Vun eiser Säit just nach e puer Bemerkungen. Éischters zum Thema Kontroll vum Ofschlossdiplom aus dem Secondaire. D'Fro stellt sech: Ass et bei der Kontroll vun auslänneschen Unisdiplomern nach noutwendeg och Diplomer ze kontrolléieren, déi den Zougang zu deenen Unie regelen? Dozou mengt de Statsrot, dass et falsch wier, eng Unerkennung ze verweigere wann e Lëtzeburger Premiërsdiplom zum Beispill géif feelen, den Unisdiplom awer unerkannt wär. Dëst kënnt oniwwerwëndlech Schwierigkeete mat sech bréngen weinst den europäesche Gesetzter am Kader vun der fräier Zirkulatioun vu Persounen a Beruffer.

D'Fro vum Zougang zu Unisstudien hätt näischt an engem Gesetz ze sichen, wat d'Unerkennung vun den Unisdiplomern selwer regelt, mengt nach de Statsrot a verlaangt, dass dës Punkt emgeännert gëtt. Den ADR kann dës Position vum Statsrot ënnerstëtzen, well ech kann drop hiweisen, dass hei am Land an der Vergaangenheet dowéinst scho Problemer agegerrt waren, deemools wéi Persounen mat unerkanntem Unisdiplom hei am Land net zu Beruffer zougelooss gi si well se hiren Zougang zur Uni iwwert en zweete Bildungswee erschafft haten. Mir fanen et awer wichteg, dass deenen zweete Bildungswee och opbleift.

Eng zweet Bemierkung gehéiert zu deem leidegen Thema feelend Reglementer. D'Regierung huet nach keng Reglementer virgeluecht, sou

dass mer net prezis wëssen, wat am Einzelne vun der Héichschoulministerin geplangt ass. Et schéngt wéi wann dëst awer d'Regel bei der Regierung wier, well och zum Beispill d'Ausféierungsbestëmmungen vum Gesetz vun 1969 sinn nimools geholl ginn.

Eng drëtt Bemierkung ass éischer eng Fro: Wéi plangt eis Unterrechtsministerin konkret fir de Bac+5 nom Bologna-Prozess fir den Zougang zum Professorat ze verlaangen? Eng véiert a lescht Bemierkung gehéiert zum Thema Diplomer an de Sproochen op auslänneschen Unien. Mir mengen et kënn dach net sinn, dass e Lëtzeburger Student an Däitschland seng Studie fir d'franséisch Sprooch mécht. Dofir ënnerstëtze mir dës Projet, dee festleet, dass esou Sproochen am entsprechen Land musse geléiert ginn, an dat ass och hei scho gesot ginn. Eis Enseignantë sollen déi beschten Ausbildung kréien an net déi schlechtesten.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, den ADR wäert dës Projet stëmmen an der Hoffnung, dass déi geplangten Ausféierungsbestëmmungen eise Bedenke vu virdrun entgéintkommen. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Merci, Här Greisen. Den nächsten Orateur ass d'Madame Reuter. Madame Reuter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Härën, et ass schonn immens vill gesot ginn iwwert dee Projet de loi 5120 an ech wäert mech och ganz kuerz hei faassen. Ech géif gäre schwätzen iwwert dat, wat am éischte Paragraph vum Artikel 2 steet. Mir schléissen eis dem Avis vum Conseil d'Etat un, deen dës Punkt verwerft.

De Projet de loi seet, wann ee wëllt säin Universitätsdiplom unerkannt kréien, muss een och säi Premiërsdiplom virleeen. Dat ass eiser Meenung no onsenneeg. Normalerweise gëtt ee jo nëmme op d'Université zougelooss, wann ee seng Première huet. Wien also aus iergendengem Grund kee Premiërsdiplom méi huet, kritt säin Universitätsdiplom hei am Land net homologéiert. Dat ass net korrekt. Esouguer wann e Land keng Première verlaangt fir zu engem Héichschoulstudium zougelooss ze ginn, dann dierft Lëtzebuerg virum europäesche Recht Schwierigkeeten hunn, esou en Héichschouldiplom aus protektionistesche Grënn net ze homologéieren.

De Statsrot huet net fir näischt gesot, et sollt een deen Abschnëtt ewechloossen. Genau dat proposéiere mir och an engem Amendement, deen ech hei eraginn, Här President.

Amendement 1

Le groupe parlementaire DÉI GRÉNG propose d'amender l'art. 2 - en supprimant le point (1):

„Nul ne pourra présenter à l'homologation un diplôme final d'enseignement supérieur étranger s'il n'est pas titulaire d'un diplôme de fin d'études secondaires, d'un diplôme de fin d'études secondaires techniques, d'un diplôme de technicien approprié selon les dispositions de l'article 20 de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue, luxembourgeois ou étranger reconnu équivalent selon la réglementation luxembourgeoise en vigueur.“

Un règlement grand-ducal peut déterminer la procédure et les conditions d'une reconnaissance d'équivalence à un des diplômes luxembourgeois mentionnés au premier alinéa de diplômes étrangers correspondants délivrés par des Etats qui n'ont pas adhéré à la Convention européenne relative à

*l'équivalence des diplômes donnant accès aux établissements universitaires, signée à Paris le 11 décembre 1953 et approuvée par la loi du 13 décembre 1954, et/ou la Convention sur la reconnaissance des qualifications relatives à l'enseignement supérieur dans la région européenne, ouverte à la signature, à Lisbonne, le 11 avril 1997, et approuvée par la loi du 14 août 2000.**

- En supprimant du point (2) la phrase:

„Les diplômes finals sanctionnant des études portant respectivement sur les langues ou lettres anglaises, allemandes et françaises doivent être obtenus dans un pays ou une région d'un pays de langue respectivement anglaise, allemande, française, après des études accomplies dans un tel pays pendant au moins deux années.“

(s.) Dagmar Reuter-Angelsberg, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Wat de Paragraph 2 betrëfft, dass ee säi Schlusssdiplom am Droit muss an engem Land maachen, dat e Rechtssystem huet, deen op d'lëtzebuergescht Rechtssystem passt, do fanne mir, datt déi Definitiou ze vill onprezis ass, datt een dat dréinen a kéiere ka, wéi ee wëllt. Et gëtt net gesot, wien iwwerhaupt jugéiert, wéi e Land zum Code Napoléon steet, an eng fest Definitiou besteet bis elo och net.

Dann nach e Wuert zum Sproochestudium. Beim Sproochestudium ass gesot, datt ee säin Diplôme final an engem Land muss maachen, dat der studéierter Sprooch entsprécht, an datt een do op d'mannst muss zwee Joer studéiert hunn. Heescht dat, datt mer e Germanistikdiplom vun der Universitéit Oxford net unerkennen? Och do wäerte mer Problemer mam europäesche Recht kréien.

An dann nach eng Fro: Wat ass mat där zweeter Sprooch, déi ee mécht? Bleift et do derbäi, datt se hei am Land a kenger Form unerkannt gëtt? An Däitschland zum Beispill muss ee bei zwou Sproochen, déi ee studéiert, och déi zweet Sprooch als Haapfach maachen. An dat kritt een dann hei zu Lëtzebuerg net akzeptéiert! Esou vergeude mer intellektuell Capacitéiten a stelle matten an der Pénurie vu Proffe léiwer Chargéen an, déi oft dat Fach net studéiert hunn, wat se herno enseignéieren. Et kéint een dach awer mat engem zweeten Haapfach duerchaus e Cycle inférieur ënnerriichte loossen an duerfir och des Sprooch homologéieren, och wa se net an deem entspriechende Land studéiert ginn ass. Aus dese Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, wäerte mir eis bei dësem Projet de loi enthalen. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskusioun ass eriwuer. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Madame Hennicot, Dir hutt d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Cul-*

ture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen allen honorablen Deputéierte merci, déi sech hei mat engem Problem befaasst hunn, dee leider an deem virleiende Projet nëmme minimal soll geregelt ginn. Dat hunn ech ni verstoppt, well mer jo an engem Vide juridique sinn a well d'Problematik vun den Homologatiounen eng Problematik ass, déi sech net an enger gekierzter Form diskutéiere léisst, well een de ganze Kontext dovu muss diskutéieren.

Wat mer opgefall ass bei der Diskussioun, dat ass eng Vermëschung vun deene Prozeduren, déi d'Homologatioun vun den Diplomer uginn a vun deenen Dispositiounen, déi den Zougank zu de Beruffer regelen. An ech mengen, do muss ee vläicht awer e klengen Ennerscheid maachen, well wann déi eng gemengt hu mat enger Homologatiounsprozedur wär och vläicht automatesch den Zougank zum Beruff gemengt oder ëmgedréint, dann ass dat net ëmmer de Fall an ech hunn an deem Sënn apprécieiert, datt d'Madame Stein an hirem excellente Rapport wierklech ganz konkret juristesches bliwwen ass a sech dorobber beschränkt huet fir de juristesche Problem ausernee ze leeën, well wa mer d'Diskussioun auswäiten, da kréie mer och leschten Enns eng Diskusioun iwwert d'Mobilitéit.

Ech mengen, Här Fayot, mir gesi wéi wäit, datt mer nach vun der Mobilitéit tëschent den Héichschoulen ewech sinn, wa mer hei de Fong vun de Wäerter vun den Diplomer diskutéieren unhand vun Zouloossungen, déi se och zu deene respektive Beruffer ginn.

D'Lëtzebuurger Regierung huet net méi an net manner gemaach a sech ofgeséchert, wéi och aner Länner sech ofsécheren. Ech erënnere do zum Beispill, datt fir d'Professeren de franséische System och de Capes verlaangt, datt dat och am Fong geholl eng aner Zort vun Homologatioun ass, där ee sech muss fügen.

Et gëtt aner Länner, déi grad esou wéi mir, och de Premièresdiplom verlaangen. Mir konnten an dësem Stadium hei keng gréisser Reform an d'Wee leeden, well dat beinhalt hätt, datt een all déi Dispositiounen, déi och a Fonction-publique-Gesetzer stinn, hätt missen iwwerkucken, an dofir bieten ech d'Chamber ëm Versteedsdemech, datt dese Projet minimal ausgefall ass, datt en net méi versprach huet, datt en dofir wëllt e Vide juridique combléieren an datt d'Regierung sech awer kengeswees verschléisst fir de Problem a senger ganzer Tragweid, unhand vun den neien Evolutiounen an och unhand vun der Konstitutioun vun der Universitéit hei zu Lëtzebuerg méi am Fong ze diskutéieren an ze studéieren, wat dann natierlech awer och bedénge géif, datt mer verschidden aner Dispositiounen, wat d'Zougansrechter zu Beruffer ugeet, da missten an déi Diskusioun mat aschléissen.

Ech wëll awer der Chamber och en Iwwerbléck ginn iwwert d'Zuelen, déi hei am Raum stinn an iwwert dat wat den Inhalt vun deenen Homologatiounen ass, well munchmol gëtt jo gemengt, mir géifen hei iwwer alles decidéieren. Mir gesinn, datt et a Wierklechkeet am Joer 2002 insgesamt 258 Demandes d'homologation waren, déi am Ministère eragereecht si ginn. Dovunner waren der 87 fir Sproocheprofessoren, dovunner waren der 46 fir Scienceprofessoren an et waren der 123 fir Affekoten. Dat heescht an anere Wieder, et waren insgesamt nëmmen zwou Demanden, déi fir aner Beruffer erakomm sinn. Vun deenen 258 Demanden sinn der 14 net akzeptéiert ginn, well dat och deelweis Drëttlänner waren, wéi zum Beispill Dokter, déi aus dem Kasachstan komm sinn, aus Serbien oder aus Rumänien, an et ass domat bal exklusiv de Sektour vun dem Enseignement an dann de Sektour vun der Magistratur, déi vun dësen Homologatiounen betraff sinn. Den Zougank zu deene Beruffer ass eng eege Regelung, déi nun eemol op der Homologatioun baséiert.

Ech wier frou wann d'Chamber eis den Text esou géif stëmmen, fir datt mer Rechtssécherheet hätten an datt mer unhand vun den Evolutiounen och am Beräich vun den Universitéite géifen dann déi ganz Diskusioun méi wäit féieren a kucken wéi mer dann awer och eisen eegene System, dee jo, ech mengen dat muss mer allegueren hei soen, och Rücksicht hält a vill Rücksicht hält op Lëtzebuurger Ressortissant, well ech denken un d'Fonction publique, déi mer jo net opgemaach hu fir Ressortisanten vun anere Länner, datt mer dann eis awer och konsequent mussen si wa mer gréisser Reformen uginn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5120 a mir stëmmen driwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 5120².

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

Den Artikel 1 ass gelies an ugehall.

Den Artikel 2 ass gelies.

Do hu mer en Amendement vun der grénger Fraktioun. Den Amendement ass verdeelt ginn.

Amendement 1

Dozou wëllt den Här Henckes eppes soen.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, den Här Fernand Greisen huet schonn drop higewisen, datt mer mat dësem Text effektiv e Problem kënnen hunn, d'autant plus datt mer bei verschiddene Beruffer dat elei net esou gesinn hunn an notament bei de Beruffer vun Dokter, Infirmière, Sage-femme an Ähnlech wou d'Conférence des Présidents d'lescht Woch decidéiert huet, och Diplomer unzuerkennen unique-

ment wa se am Ausland en Universitätsdiplom kritt hunn, deen a Frankräich, an Däitschland, an England an esou weider akzeptéiert ass a wou de Premièresdiplom iwwerhaupt net méi gekuckt gëtt.

Dofir mengen ech, datt et awer gutt wär, datt ee sech dee Problem hei nach eng Kéier iwwerleet. Ech gesinn, datt gesot gëtt, datt den Diplom och konnt équivalent unerkannt ginn, mä ech gleewen, datt et awer an der Praxis nach munch Schwierigkeete wäert ginn. Ech géing dofir d'Regierung bidden de Problem nach eng Kéier op de Leescht ze huelen. Mir wäerten als Fraktioun dësen Amendement net stëmmen, well mer mengen, datt et deem entsprécht wat effektiv elo schonn d'Realitéit ass a mir géingen eng Illusioun uginn, wa mer hei géife mengen, esouguer wann den Text bestoe bleift, datt et net zu juristesche Problemer géing féiere wa mer den Text littéralement a ganz restriktiv a protektionistesches géifen ausleeën.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert den Amendement vun der Madame Dagmar Reuter.

Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 37 Neen- a 16 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Georges Wohlfart;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marcel Glesener), MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Fred Sunnen), Mme Nelly Stein, MM. Théo Sten-debach, Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jean-not Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Simone Beissel), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco

Schroell (par M. Emile Calmes) et John Schummer ;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Den Artikel 2 ass an där Form ugeholl wéi e vun der Kommissioun proposéiert gouf.

Mir kommen zum Vote iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi 5120 ass ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, 11 Neen-Stëmmen a 5 Enthaltungen.

Ont voté oui : Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marcel Glesener), MM. Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Nico Loes), Mme Nelly Stein, MM. Théo Sten-debach, Fred Sunnen et Claude Wiseler (par M. Paul-Henri Meyers);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par Mme Agny Durdu) et John Schummer;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non : MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo) et M. Georges Wohlfart ;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus : MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass eis Sitzung vun haut ofgeschloss. Et geet muer de Muer weider um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.33 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu